N°2230
Entrée le 30.04.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n°2230 vum 17. Abrëll 2025 vum honorabelen Députéierten Fred Keup zum Sujet "Cadre légal et conséquences du "Biergerasyl" dans le contexte du droit d'asile européen".**

1) Handelt et sech bei deem am Artikel genannte "Biergerasyl" ëm eng legal Biergschaft, déimat den Autoritéiten ofzeschwätzen ass? Falls jo, op wéi enger rechtlecher Grondlag a wéi eng Flichte si fir den Auteur vun der Biergschaft mat esou enger Decisioun verbonnen?

2) Falls et sech net ëm eng legal Biergschaft handelt, wéi eng Sanktioune sinn a sou engem Fall virgesinn?

3) Esou wéi et am Artikel formuléiert ass, handelt et sech ëm eng Praxis aus der Vergaangenheet. Wéi vill där Fäll si bekannt?

4) Wäert d'Regierung sech bei Verhandlungen iwwert d'EU-Asylrecht fir eng Ophiewung vun der Frist vun 18 Méint fir Dublin-Iwwerstellungen asetzen?

Zu Lëtzebuerg ass d'Konzept „Biergerasyl" net bekannt, deementspriechend si keng Fäll dokumentéiert. Ënner der neier Asyl- a Migratiouns Regulatioun (AMMR), déi d'Dublin-III-Regulatioun den 30. Juni 2026 ersetzt, gëtt d'Frist fir Dublin-Iwwerstellungen vun 18 Méint op 3 Joer verlängert. D'Zil ass et, d'Sekundärbewegungen ze reduzéieren an d'Kooperatioun am Asylprozess ze stäerken. Dës Ännerungen si Deel vum neien EU-Migratiouns- a Asylpakt.

Lëtzebuerg, den 30. Abrëll 2025
Den Inneminister
(s.) Léon GLODEN